N°5887
Reçue le 07.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 07.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A verschidde parlamentareschen Froen (n°5481, 5329, 4773, 4483, 2675, 676) gouf op den Ofstellproblem vun immobiliséierten Autoen am Süde vum Land agaangen. Zënter Joren sicht d'Police no engem Sitt, op deem ofgschleeften Autoen kënne sécher deposéiert ginn.

Dat Ganzt schéngt awer net esou einfach ze sinn, well: *"Eng temporaire Leisung fir dei ganz Regioun Sud-Quest vum Land ass schweier ze fannen well se grouss, ofgesechert, iwwerwaacht an no genuch beim concerneierte Service misst sinn."* (Äntwert op d'Fro n°2675)

Esou muss ee feststellen, dass et mat den aktuelle Krittäre vu Gréisst, Sécherheet, Iwwerwaachung a Proximitéit bal onméiglech schéngt, fir kuerzfristeg eng effikass Léisung ze fannen. An eisem Nopeschland, der Belsch, huet een änlech Problemer. Hei schafft d'Police enk zesumme mat Ofschleefdéngschter, déi d'Autoen ofschleefen an da bei hinnen op disponibele Platze behalen, bis de Besëtzer vum Gefier et siche kënnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Gëtt d'Praxis, wéi se an der Belsch ze gesinn ass, och schonn zu Lëtzebuerg ugewannt?
   Falls nee, ass et fir de Minister eng Optioun fir d'Autoen op fräie Parkplaze vu Privatentreprisen (Garagisten, Concessionnairen, Ofschleefdéngschter) ofzestellen, bis een definitive Standuert fir d'Fourrière disponibel ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député